

L

Aktiounsplang vun der Gemeng Suessem

2021-2025

■ BIELES ■ EILERENG ■ SUESSEM ■ ZOLWER

 **SUESSEM,
JE T'AIME**_{lu}



Aleedung

1999 ass d'Gemeng Suessem déi zweet lëtzebuergesch Gemeng ginn, déi, op Initiativ vum Schäfferot an der Familljekommissioun, e Service fir d'Promotioun vun der Gläichberechtigung tëschent Fra a Mann gegrënnt huet. Haut setzt sech de *Service à l'Égalité des chances et Diversité* fir d'Förderung vun der Chancëgläichheet an der Diversitéit a géint all méiglech Form vun Diskriminatioun an.

Mat der Ënnerschrëft vun der *Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale*, dono och nach 'Charte' genannt, offiziälséiert d'Gemeng Suessem de 14. Januar 2010 hiert Engagement vu méi wéi 11 Joer fir d'Asetze fir d'Chancëgläichheet tëschent Fra a Mann.

Hautdesdaags hu 25 Lëtzebuerger Gemengen d'Charte ënnerschriwwen, déi vum Conseil vun den Europäesche Gemengen a Regiounen (CCRE) 2006 ausgeschafft gouf. D'*Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale* huet d'Zil en operationelle Kader ze schafen, deen eng gläichberechtigt Cohabitatioun a Gesellschaft an allen Aktivitéitsberäicher uechtert d'Land encouragéiert.

Tatsächlech verpflichtet sech d'Gemeng Suessem mat der Ënnerschrëft vun der Charte **no de 6 fundamentale Prinzippien ze handeln**, op deenen déi 30 Artikelen vun der *Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale* baséieren:

1. D'Gläichberechtigung vu Fraen a Männer ass e fundamentaalt Recht.
2. Fir d'Gläichberechtigung tëschent Fraen a Männer ze garantéieren, müssen déi verschidden Diskriminatiounen an Hindernisser mat erfaasst ginn.
3. Eng Viraussetzung fir eng demokratesch Gesellschaft ass eng equilibréiert Participatioun vu Fraen a Männer op méi héijen Aarbechtspositiounen.
4. D'Eliminatioun vu Geschlechterstereotypen ass erfuerderlech fir d'Erreeche vun der Gläichberechtigung tëschent Fraen a Männer.
5. Et ass noutwendeg d'Dimensioun vum Genre an allen Aktivitéitssecteuren vu lokalen a regionalen Autoritéiten z'integréieren fir d'Gläichberechtigung tëschent Fraen a Männer virunzebréngen.
6. Adequat finanziert Aktiounspläng a Programmer sinn noutwendeg Instrumenter fir d'Gläichberechtigung tëschent Fraen a Männer ze fërderen.



GEMENG SUESSEM

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux Tel. (+352) 59 30 75 - 1
 mail@suessem.lu **www.suessem.lu**
 fb/gemengsuessem **instagram/gemengsuessem**

IMPRESSUM

Redaktioun **Service à l'Égalité des chances et Diversité**
 Layout **Kousca Design Studio** – kousca.com
 Unzuel **100 Stéck**
 Bieles, September 2021

D'Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale

Conseil vun den Europäesche Gemengen a Regionen

De Conseil vun den Europäesche Gemengen a Regionen (CCRE) gouf 1951 gegrënnt. Haut ass en déi eelst a gréisst Organisatioun vu lokalen Autoritéiten. An anere Wierder ass de CCRE eng Federatioun vun nationalen Associatiounen, déi lokal a regional Niveaue vun Europa representéiert. Bis haut zielt de Conseil vun den Europäesche Gemengen a Regionne 60 Memberverbänn, déi fir 100.000 Communautéiten an 41 europäesch Länner stellvertriedend sinn.

An deem Sënn si beispillsweis déi lëtzebuergesch Stied a Gemengen am CCRE duerch de Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises (SYVICOL) vertrueden. Am Kader vun engem Projet, dee finanziell vun der Europäescher Kommissioun ënnerstëtzt gouf, huet de CCRE d'*Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie communale et régionale*, déi 2006 vun de Responsabelen autoriséiert gouf, ausgeschafft.

Ursprong a Kontext vun der Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale

Trotz der Tatsaach, datt d'Gläichberechtigung vu Fraen a Männer e fundamentaalt Recht ass an eng ausschlaggebend Valeur fir d'Demokratie duerstellt, ass dëst nach net an allen Aspekter vum Alldag Realitéit, zum Beispill, wat den Ënnerscheed am Gehalt ugeet oder d'Ënnervertriebung vu Fraen op méi héije Positiounen um politeschen a wirtschaftlechen Niveau.

Dës Kontinuitéit a Reproduktioun vun Ongläichheete sinn d'Resultat vu soziale Konstruktiounen op Basis vu Stereotypen, déi vun der Famill, de Kulturen, de Medien, der Berufswelt an der Ausbildung vermittelt ginn. D'*Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale* geet dovun aus, datt lokal a kommunal Gouvernementer méi no um Bierger sinn. An deem Sënn sinn se am beschte placéiert fir eng wierklech egalitär Gesellschaft ze promovéieren a géint Inegalitéiten ze kämpfen.



Link op d'*Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale*
BIT.LY/3UKGPT6

Et ass dorop hinzewiesen, datt d'*Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale* an den Aktiounsplang keng legal Obligatiounen duerstellen. Et handelt sech effektiv ëm Empfielunge fir positiv Handlungen zu Gonschte vun der Chancëgläichheet z'ënnerhuelen.

De Service à l'Égalité des chances et Diversité

Um nationale Plang ass d'Gemeng Suessem eng vun de Pionéiergemenge vu Lëtzebuerg, déi schonn 1999 e *Service à la Condition féminine* gegrënnt huet. Iwwert d'Joren huet de Service verschidden Evolutiounen um Niveau vu sengem Titel a senger Missioun gemaach: 2005 heescht e *Service à l'Égalité des chances* fir z'ënnersträichen, datt en d'Chancëgläichheet fir Fraen a Männer fërdert. No de Gemengewale vun 2017 gouf dunn de Volet Diversitéit bäigesat.

Vun deem Moment aus un, handelt de Chancëgläichheets- an Diversitéitsservice net nëmme fir d'Chancëgläichheet fir d'Fraen an d'Männer, mee schafft och u Sujeten, wéi d'Akzeptanz vun LGBTIQ+ Communautéiten (lesbesch, schwul, bisexuell, trans*, intersex, queer an aner sexuell Orientéierung), d'Accessibilitéit fir Leit mat spezielle Besoinen, an der Opklärung an Informatioun géint Rassismus a géint Diskriminatioun op Basis vu Relioun an Alter.

Deementspriedend sinn dem *Service à l'Égalité des chances et Diversité* seng Haaptmissiounen déi folgend:

- D'Promotioun vun der Chancëgläichheet,
- D'Promotioun vun der Diversitéit,
- D'Lutte géint all Zort vun Diskriminatioun.

Säit méi wéi 20 Joer erfëllt de Service seng Missioun mat Hëllef vu Sensibiliséierungscampagnen, Eventer, Table-ronden, Formatiounen, verschiddene kollaborativen a participative Projeten...

Déi extern Kommunikatioun spillt effektiv eng wichteg Roll beim Erfëlle vu senger Missiounen. De *Service à l'Égalité des chances et Diversité* schafft dofir an enker Zesummenaarbecht mam *Service des Relations publiques et de la Culture*, sief dat fir Flyeren, Publikatiounen an de verschiddene Kommunikatiounssupporten, wéi zum Beispill dem Gemeengebuet *kuerz&knapp*, der Websäit, dem Facebook- oder dem Instagramkonto.

Zousätzlech kënnen d'Bierger·innen an d'Gemeengepersonal dem Service hir Froen oder Besoinen a Saache Chancëgläichheet an Diversitéit matdeelen, fir op dës Aart a Weis géint Diskriminatiounen virzegoen, respektiv d'Chancëgläichheet an d'Diversitéit besser ze fërderen.

Ënnert all den Aktivitéiten, déi den Awunner an Awunnerinnen ugebuede ginn, sinn déi bekanntsten Evenementer den Internationale Fraendag an den Internationale Männerdag, esouwéi d'Babysitterformatioun, de Schoulprojet *Zesumme si mir* staark an d'Owender fir Elteren, déi zesumme mat der *Eltereschoul Janusz Korczak* organiséiert ginn.

Zousätzlech organiséiert de Service verschiddene Formatiounen fir d'Personal vun der Gemeng Suessem, wéi zum Beispill *Design4All* oder *La communication dans le cadre de la diversité*. Den *Design4All*, entwéckelt vun engem multidisziplinäre Grupp vun Experten a puncto Accessibilitéit, huet d'Zil d'Gemeengepersonal iwwert déi verschidde Besoine vu Leit mat ënnerschiddleche Behënnerungen ze sensibiliséieren. Am Kader vum *Diversity Day Lëtzebuerg 2020* gouf d'Formatioun *La communication dans le cadre de la diversité*, a Kollaboratioun mam ADT-Center, dem Gemeengepersonal ugebueden, fir seng Kommunikatioun a seng tëschemënschlech Kompetenzen ze stäerken.

Als Member vum *Réseau national des chargé-e-s à l'égalité entre femmes et hommes* (REGA) kollaboréiert de Service mat anere Gemengen, esou wéi mat aneren nationalen an internationalen Acteuren / Actricen, fir op dës Aart a Weis existent Relatiounen ze stäerken, nei Kollaboratiounen anzegoen a seng Missiounen beschtméiglechst z'erfëllen.

An dëser Optik, gräift de *Service à l'Égalité des chances et Diversité* och op Methoden an Outilen zeréck, déi et erlaben, geschlechteriwwergräifend an inklusiv ze schaffen. D'Theeme vun der Chancëgläichheet an der Diversitéit hunn effektiv en interdisziplinäre Charakter a fanne sech beispillsweis och a kulturellen, sozialen, administrativen an edukative Beräicher erëm, grad esou ewéi an den Infrastrukturen an der Fräizäitgestaltung.

Wann Dir weider Froen oder e perséinlecht Uleies hutt, da kënnt Dir gären d'Madamm Annick Spellini kontaktéieren: annick.spellini@suessem.lu oder 59 30 75 – 654.

Struktur vum Aktiounsplang

Dëse kommunalen Aktiounsplang déngt als Instrument fir d'Prioritéite vun der Gemeng Suessem zu Gonschte vun der Chancëgläichheet an der Bekämpfung vun all Zort vun Diskriminatiounen ëmzesetzen. D'Objektiver vun der Gemeng baséiere sech op folgend Artikelen aus der *Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale* an dem *Guide d'Accompagnement pour les Communes Luxembourgeoises*, opgestallt vum Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises (SYVICOL):

1

Artikel 1 Demokratesch Responsabilitéit

Säit 10

D'Gemeng erkennt d'Wichtigkeet un, fir eng egalitär Gesellschaft opzebauen an där Fraen, Männer an all anere sech entfale kënnen. D'Gemeng engagéiert sech fir d'Promotioun vun der Chancëgläichheet an all hire Kompetenzberäicher.

2

Artikel 2 Déi politesch Representatioun

Säit 11

D'Gemeng verpflichtet sech all entsprechend Moossnamen ze huelen, fir aktiv eng equilibriéiert Representatioun vu Fraen, Männer an all aneren an de politeschen Entscheedungsprozesser ze verdeedegen an z'ënnerstëtzen.

3

Artikel 3 Participatioun um politeschen a soziale Liewen

Säit 12

D'Gemeng fërdert d'Participatioun vun de Bierger·innen un der Gouvernance an um ëffentleche Liewen.

4

Artikel 4 Dat ëffentlecht Engagement fir Gläichberechtegung

Säit 13

D'Gemeng verpflichtet sech sech ëffentlech fir de Prinzip vun der Gläichberechtegung tëschent Fraen, Männer an all aneren anzesetzen.

5

Artikel 5 Collaboratioun mat verschiddene Partner fir d'Chancëgläichheet ze promovéieren

Säit 14

D'Gemeng versicht aktiv d'Gläichberechtegung tëschent Fraen, Männer an all aneren ausserhalb vun de kommunale politesche Strukturen ze promovéieren.

6

Artikel 6 Stereotypen entgéintwierken

Säit 15

D'Gemeng verpflichtet sech géint Prejugéen a Praktiken, grad esou ewéi géint d'Benotze vu verbalen Expressiounen a Biller, déi d'Iddi vun der Superioritéit oder der Inferioritéit vun dem engen oder anere Geschlecht ausdrécken, entgéint ze wierken an ze prevenéieren.

7

Artikel 10 Multipel Diskriminatiounen an Hindernisser

Säit 16

D'Gemeng verpflichtet sech iwwert d'Gläichberechtegung tëschent Fraen, Männer an all aneren eraus, sech géint all Form vun Diskriminatioun, baséierend op der Nationalitéit, der sozialer an ethnescher Hierkonft, der Sprooch, dem Glawen, de politesche Meenungen, dem Handicap, dem Alter oder der sexueller Orientatioun anzesetzen.

8

Artikel 11 D'Roll als Patron

Säit 18

D'Gemeng integréiert d'Recht op Gläichberechtegung fir Fraen, Männer an all aneren an hirer Personalpolitik.

9

Artikel 13 Educatioun a Formation continue

Säit 20

Bannent de Grenze vun hire Kompetenzen, fërdert d'Gemeng d'Gläichberechtegung am Beräich vun der Educatioun an der Formation continue.

10

Artikel 14 D'Gesondheet

Säit 22

D'Gemeng engagéiert sech fir gesond Liewensstiler fir Fraen, Männer an all aneren ze promovéieren.

11

Artikel 16 Kannerbetreung

Säit 24

D'Gemeng stellt Kannerbetreuungsstrukturen zur Verfügung, déi et den Elteren erlaben, hiert beruflecht, ëffentlecht a privat Liewen z'arrangéieren.

12

Artikel 18 Déi sozial Inclusioun

Säit 26

D'Gemeng fërdert d'Inclusioun vu sozial marginaliséierte Leit an erkennt un, datt d'Besoinen vun de Fraen, Männer an all anere sech ënnerscheede kënnen.

13

Artikel 22 Geschlechtsspezifesch Gewalt

Säit 27

D'Gemeng ass aktiv am Kampf géint geschlechtsspezifesch Gewalt bedeelegt.

Den Aktiounsplang vun der Gemeng Suessem

1

Artikel 1

Demokratesch Responsabilitéit

Mat der Ënnerschrëft vun der *Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale* de 14. Januar 2010, erfëllt d'Gemeng Suessem den Artikel 1 vun der Charte. D'Gemeng verstärkt hiert Engagement fir eng egalitär Gesellschaft an där Fraen, Männer an all anere sech entfale kënnen an engagéiert sech fir d'Promotioun vun der Chancëgläichheet an all hire Kompetenzberäicher.

OBJEKTIV

- Engagement vun der Gemeng fir d'Fërderung vun der Gläichberechtigung tëschent Fraen, Männer an all aneren an all hire Kompetenzberäicher.

MOOSSNAMEN

- Ënnerschrëft vun der *Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale* de 14. Januar 2010.
- Entwécklung vun engem neien, pluriannuellen, kommunalen Aktiounsplang fir Chancëgläichheet vu Fraen, Männer an all aneren am lokale Liewen.
- Ëmsetzung vun de Moosnamen vum pluriannuelle kommunalen Aktiounsplang.
- Ausschaffe vun engem Joresrapport vun ëmgesaten Aktiounen.

2

Artikel 2

Déi politesch Representatioun

D'Gemeng verpflichtet sech all entspriechend Moosnamen ze huelen, fir aktiv eng equilibréiert Representatioun vu Fraen, Männer an all aneren an de politeschen Entscheidungsprozesser ze verdeedegen an z'ënnerstëtzen.


2020 ass d'Gemeng Suessem frou eng equilibréiert Representatioun vu Fraen a Männer am Gemengerot (8 Fraen an 9 Männer) an am Schäfferot (2 Fraen an 2 Männer) ze hunn. Donieft begréisst d'Gemeng Suessem hir éischt Buergermeeschtesch.

OBJEKTIVER

- Eng equilibréiert Verriedung no Geschlecht op de Wallëschen encouragéieren.
- D'Promotioun vun der Representatioun vun auslänneschen Awunner·innen.
- Bierger·inne fir eng equilibréiert Representatioun nom Geschlecht bei politeschen Entscheidungsprozesser ze sensibiliséieren.

MOOSSNAMEN

- Promovéiere vun enger equilibréierter Representatioun vun de Geschlechter op de Wallësche bei de Gemengewale vun 2023.
- Preparéieren a verschécke vun engem Bréif un déi politesch Parteien an all Kommissiounen, an deem e puer Empfehlunge fir d'Chancëgläichheet stinn.
- Organiséiere vun Informatiounsowenter an/oder Formatiounen fir Leit, déi sech politesch engagéiere wëllen.




3

Artikel 3

Participatioun um politeschen a soziale Liewen

Duerch verschidde Forme vun der öffentlecher Participatioun, wéi beispillsweis duerch consultativ Kommissiounen, engagéiert sech d'Gemeng Suessem fir d'Participatioun vun de Bierger·innen un der Gouvernance an um öffentleche Liewen ze fördern.



OBJEKTIVER

- Eng équilibréiert Verriedung no Geschlecht an de consultative Kommissiounen hunn.
- Eng net-stereotypesch Verdeelung vu Verantwortung um Niveau vun de consultative Kommissiounen opzeweisen.
- Eng Erhéijung vun der Representatioun vu auslänneschen Awunner·innen a Kommissiounen feststellen.
- Auslännesch Awunner·innen encouragéiere fir sech op d'Wallëschten anzeschreiw.

MOOSSNAMEN

- Eng équilibréiert Verriedung vun de Geschlechter a Kommissiounen fördern.
- Eng net-stereotypesch Verdeelung vu Verantwortung a Missiounen a berodende Kommissiounen promovéieren.
- Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagnen, déi vun de Kommissiounen organiséiert sinn.
- Aussergewöhnlech Ouverture vum Populationsbüro vun der Gemeng Suessem fir d'Aschreiwung vun net-lëtzebuergeschen Awunner·innen aus der Europäescher Unioun op d'Wallëschten ze encouragéieren.

4

Artikel 4

Dat öffentlecht Engagement fir Gläichberechtegung

Mat der Feier an dem *World- & Kammerjazz* Concert vum Trio *Kalima* zu Éiere vun der Signature vun der Charte, déi den 3. Mee 2010 am Éilerenger *Kulturschapp* stattfonnt huet, huet d'Gemeng Suessem den Artikel 4 fir en öffentlechen Engagement fir d'Gläichberechtegung vu Fra a Mann applizéiert. Des Weideren huet d'Gemeng och en öffentlecht Versprieche vun der bonne Conduite am Domän vun der Gläichberechtegung ginn.

OBJEKTIV

- D'Visibilitéit vun der Politik vun der Chancëgläichheet an der Diversitéit vun der Gemeng Suessem assuréieren.

MOOSSNAMEN

- D'Kommunikatioun ronderëm Sensibiliséierungsaktiounen an Evenementer op de verschiddene Kanäl vun der Gemeng Suessem assuréieren.
- D'Benotzung vun enger net-stereotypéierter visueller a schrëftlecher Kommunikatioun.
- Mat verschiddene Partner u verschiddene Projeten am Beräich vun der Chancëgläichheet an der Diversitéit zesummeschaffen.
- Op eng Paritéit vu bekannte Fraen a Männer bei der Benennung vun neie Stroossennimm oppassen.

5

Artikel 5

Collaboratioun mat verschiddene Partner fir d'Chancëgläichheet ze promovéieren

D'Gemeng Suessem schafft mat verschiddene Partner op externem an internem Niveau zesummen, fir verschidden Eventer, wéi d'*Semaine de la Santé Mentale*, d'*Orange Week*, a vill aner weider Aktivitéiten an Aktiounen fir d'Gläichberechtigung vun de Geschlechter an d'Diversitéit ze fërderen.

OBJEKTIV

- Weider Kollaboratiounen mat de Partner aus dem Domän vun der Chancëgläichheet an der Diversitéit um internen an externen Niveau ustriewen.

MOOSSNAMEN

- Mat verschiddenen interne Servicer vun der Gemeng, wéi zum Beispill dem *Service des Relations publiques et de la Culture*, *Service Technique*, *Service Sécurité et Santé au travail*, asw. u verschiddene Projeten am Beräich vun der Chancëgläichheet an der Diversitéit zesummeschaffen.
- Mat verschiddene Kommissiounen vun der Gemeng, wéi zum Beispill der *Chancëgläichheets- an Diversitéitskommissioun*, der *Jugendkommissioun*, der *Integratiounskommissioun*, asw. u verschiddene Projeten am Beräich vun der Chancëgläichheet an der Diversitéit zesummeschaffen.
- Bestoend Partenariater renforcéieren, wéi beispillsweis d'*Eltereschoul Janusz Korczak*, d'*Initiative Liewensufank*, de *Conseil national des Femmes du Luxembourg* (CNFL), dem *Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes* (MEGA), dem *Réseau des chargé-e-s à l'égalité entre femmes et hommes* (REGA), etc.
- Nei a pertinent Partenariater développéieren mam Zil d'Missiounen vum *Service à l'Égalité des chances et Diversité* z'erfëllen, wéi beispillsweis mat *respect.lu Asbl*, etc.



6

Artikel 6

Stereotypen entgéintwierken

D'Gemeng verpflichtet sech géint Prejugéen a Praktiken, grad esou ewéi géint d'Benotze vu verbalen Expressiounen a Biller, déi d'Iddi vun der Superioritéit oder der Inferioritéit vun dem engen oder anere Geschlecht ausdrécken, entgéint ze wierken an ze prevenéieren.

OBJEKTIV

- Aktiounen a Campagne fir Stereotypen a Virurteeler entgéintzewierken, respektiv ze vermeiden.

MOOSSNAMEN

- Am Kader vum Schoulprojet *Zesumme si mir staark* an der Babysitterformatioun, wéll d'*Gender Game*, entwéckelt vum Fuerschungszentrum *Luxembourg Institute of Socio-Economic Research* (LISER), zesumme mat de Kanner a Jugendlechen d'Stereotypen duerchbriechen, déi als typesch Fra, respektiv typesch Mann gëllen.
- Déi alljärelech Organisatioun vun der Babysitterformatioun soll Jongen en Impuls ginn, fir eventuell e Beruff am sozio-edukative Beräich anzeschloen.
- Eng Table ronde iwwer atypesche Beruffer organiséiert vun der Chancëgläichheets- an Diversitéitskommissioun.
- Sensibiliséierungs- an Informatiounscampagnen iwwer LGBTQ+ Communautéiten (lesbesch, homosexuell, bisexuell, trans*, intersex, queer an all aner sexuell Orientéierung) fir géint d'Stereotypen a Virurteeler unzekämpfen, déi se ëmginn.
- D'Benotzung vun enger net-stereotypierter visueller a schrëftlecher Kommunikatioun.
- Verschidden Aktiounen a Sensibiliséierungscampagnen a puncto Stereotypen a Virurteeler baséierend op dem Geschlecht, der Sexualitéit, der Hierkonft, dem Handicap, asw.

7

Artikel 10

Multipel Diskriminatioonen an Hindernisser

Laut dem Gesetz vum 28. November 2006 iwwer d'Gläichbehandlung, verflucht d'Gemeng sech géint all Form vun Diskriminatioun virzegoen. Heiränner falen d'Diskriminatioun baséierend op beispillsweis der eigentlecher oder vermeintlecher Zougehéiregkeet un enger Nationalitéit oder Ethnie, dem Geschlecht an der Geschlechtsidentitéit, der sexueller Orientéierung, der Relioun oder de verschiddene Glawen, der Behënnerung an dem Alter.

Natierlech ass d'Gemeng beduecht, datt besonnesch d'Kapitel VI (Rassismus, Revisionismus an aner Diskriminéierungen) vum Titel VIII (Verbrieche an Delikter géint Persounen) vum *Code pénal* respektéiert gëtt.

OBJEKTIVER

- D'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch fir auslännesch Awunner·innen z'ënnerstëtzen.
- Interkulturell Kommunikatioun verbessern.
- Interkulturellen Austausch an Integratioun ënnerstëtzen.
- D'Kanner fir d'Kulturen an d'Traditiounen aus anere Länner der Welt sensibiliséieren.
- De Projet *Eng Gemeng fir Jiddereen*, dee sech drëms këmmert d'Gemeng fir jiddereen accessibel ze maachen: d'Infrastrukture vun der Gemeng fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit zougänglech maachen.
- De Stereotypen an Diskriminatiounen baséierend op dem individuelle Choix vun der sexueller Orientéierung an / oder der geschlechtlecher Identitéit entgéintwierken.

MOOSSNAMEN

- D'Gemeng Suessem, zesumme mam Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, organiséiert all Joer lëtzebuergesch Sproochecoursë fir d'Niveauen A.1.1, A.1.2 an A2.1., déi e grouse Succès bei den Awunner·innen hunn. Déijéineg, déi um Sproochecours deelhuefen, kréien och e Certificat um Enn vum Joer, deem am Prozess vun der Demande fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit unerkannt gëtt.
- Direkt mëndlech Iwwersetzungen bei ëffentleche Sätzungen, Elterenowenter an aner ëffentlechen Eventer assuréieren.

- D'Sproochecoursen, déi d'Gemeng Suessem ubitt, sinn accessibel fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit.
- D'Recommandatiounen vun der Adapto-Etude *Eng Barrierefräi Gemeng* am Laf vun de kommende Jore realiséieren.
- Installatioun vun enger inklusiver Spillplaz fir Kanner um Belval (*Design4All*).
- De Service d'Éducation et d'Accueil (SEA) vun der Gemeng Suessem organiséiert verschidden Aktivitéite fir d'Integratioun ze verbessern.
- E Begréissungsbichelche fir nei Awunner·innen an der Gemeng a verschiddene Sproochen ausschaffen.
- Projet *Graffiti* an aner Projeten: Promotioun vun der Integratioun an der Zesummenaarbecht mat Partnerorganisatiounen.
- De järeleche Schoulprojet *Zesumme si mir staark* ëmfaasst och Aktivitéite fir Kanner fir d'Diskriminéierung ze bekämpfen.
- Aktiv Programm: eng grouss Panoplie u Coursen ginn offréiert a sinn oppe fir jiddereen.
- Intergenerationell Aktivitéiten organiséieren.
- Aktivitéiten an Aktiounen, déi vun de consultative Kommissiounen organiséiert ginn.
- Stereotypen an Diskriminatiounen baséierend op der sexueller Orientéierung an / oder geschlechtlecher Identitéit entgéintwierken.
- Mat Associatiounen wéi *Transgender*, *Rosa Lëtzebuerg*, *Cigale*, an anere kollaboréieren.
- Visualiséiere vun eiser Ënnerstëtzung fir d'LGBTIQ+ Communautéiten (lesbesch, homosexuell, bisexuell, trans*, intersex, queer an all aner sexuell Orientéierung) andeems d'Gemeengegebei an de Reeboufaarwe belicht gëtt fir d'*Luxembourg Pride Week*.
- Weiderféiere vum *Engagement am Zesummenhang mat der Resolutioun d'Gemeng Suessem als Fräiheitszon fir LGBTIQ+ Persounen* ze ernennen, déi am Gemengerot vum 18. Juni 2021 gestëmmt gouf.
- *Ënnerschrëft vun der Charte de la Diversité Lëtzebuerg*¹ am Joer 2018 a Verlängerung vun der Ënnerschrëft vun der *Charte de la Diversité Lëtzebuerg* am Joer 2020.
- Organisatioun vu verschidde Formatiounen fir d'Personal vun der Gemeng Suessem, wéi *Design4All* a *La communication dans le cadre de la diversité*.

¹ D'Charte de la Diversité Lëtzebuerg ass en nationalen Text, deem all d'Organisatiounen a Lëtzebuerg kënnen ënnerschreiwen, fir sech fir d'Promotioun an d'Gestioun vun der Diversitéit duerch d'Organiséiere vu konkreten Aktiounen, déi iwwert d'legal Obligatiounen erausginn, z'engagéieren.
Source: <https://www.chartediversite.lu/fr/pages/quest-ce-que-la-Diversite>

8

Artikel 11

D'Roll als Patron

D'Gemeng integréiert d'Recht op Gläichberechtegung fir Fraen a Männer an all aneren an hirer Personalpolitik.


OBJEKTIVER

- Mesuren definéieren, déi geholl ginn, fir déi berufflech Gläichberechtegung tëschent Fraen a Männer an der Verwaltung ze promovéieren.
- D'Gläichberechtegung tëschent Fraen a Männer beim Rekrutement garantéieren.
- Inklusioun vun der Diversitéit an den Ekippen.
- D'Gemengepersonal beim Ausgläich vum Familljen- a Berufsliewen ënnerstëtzen.

MOOSSNAMEN

- D'Analyse vun der Personalstruktur nom Geschlecht vun der kommunaler Verwaltung vum Personalbüro, dem Chancëgläichheets- an Diversitéitsservice an der Personaldelegatioun aktualiséieren.
- De Prinzip vun der Paritéit beim Astellen a bei der Invitatioun op en Entretien beuechten.
- D'Diversitéit an den Ekippen encouragéieren.

- Congé sans soldes, Hallefzäit / Deelzäit Aarbecht, Congé parental.
- Den Employé-e-ën d'Méiglechkeet ginn aus hirer Hallefzäit / Deelzäit Aarbecht erëm Vollzäit schaffen ze goen.
- Flexibel Aarbechtzäiten, déi un d'wiesselnd Konditiounen ugepasst ginn an Zesummenaarbecht mat der Personaldelegatioun, fir d'Gemengepersonal dobäi z'ënnerstëtze Familljen- a Berufsliewen ze verbannen.
- De Pilotprojet vum Teletravail gouf etabliert fir dem Gemengepersonal d'Méiglechkeet ze ginn e bessert Gläichgewicht tëschent Familljen- a Berufsliewen ze hunn.
- Weider Formatiounen an de Beräicher vun der Chancëgläichheet an der Diversitéit dem Personal vun der Gemeng ubidden.
- De Service à l'Égalité des chances et Diversité an d'Personaldelegatioun sinn zwee Uspriechpartner, déi Mobbingfäll traitéieren an der Gemeng hiert Engagement géint Mobbing stäerken.
- Budget fir d'Promotioun vum Bien-être op der Aarbecht fir d'Gemengepersonal.
- Réinsertion professionnelle vu Leit, déi scho länger aus der Aarbechtswelt eraus sinn.




9

Artikel 13

Educationun a Formation continue

Mat Projekte wéi beispillsweis d'Aktioun *Zesumme si mir staark* an der Babysitterformatioun, férdert d'Gemeng d'Gläichberechtegung am Beräich vun der Educationun an der Formation continue.



OBJEKTIVER

- Allgemeng Preventioun, wéi och e globaalt Bewosstsinn fir d'Chancëgläichheet an d'Diversitéit fir d'Schüler-innen aus der Primärschoul duerch verschidde Schoulprojeten.
- Eng inklusiv Pedagogik garantéiert d'Participatioun vun alle Kanner am *Service d'Éducation et d'Accueil* (SEA).
- Allgemeng Preventioun, wéi och e globaalt Bewosstsinn fir d'Gläichberechtegung an d'Diversitéit duerch Formatiounsoffere fir d'Enseignanten.
- D'Chancëgläichheet duerch déi alljärelech Babysitterformatioun férdere: *Babysitter-Intensiv-Formatioun* an Zesummenaarbecht mat de verschiddene Partner vum Chancëgläichheets- an Diversitéitsservice.
- D'Chancëgläichheet an d'Gesondheet férdere duerch ëmfaassend Formatiounsofferen / Aktivitéite mat Elteren a Kooperatioun mat der *Eltereschoul Janusz Korczak*.
- D'Gläichberechtegung tëschent Fraen a Männer sensibiliséieren duerch déi järelech Organisatioun vum *Weltfraendag* a vum *Weltmännerdag*.
- Ubidde vu Consultatiounen a Formatiounen fir Leit, déi erëm wëllen um Aarbechtsmaart aktiv ginn (no enger Paus an der professioneller Karriär aus familiäre Grënn, Chômage an / oder Scheedungsgrënn).
- Eng Pedagogik am SEA aféieren, déi den Aspekt vun de Geschlechter beuecht.
- Stereotypen um Niveau vun der Berufswiel entgéintwierken, andeems Meedercher a Jongen atypesch Beruffer méi no bruecht kréien.

MOOSSNAMEN

- D'Offer vum Schoulprojet *Zesumme si mir staark* enthält all Joer verschidden Aktivitéiten, déi d'Chancëgläichheet an d'Diversitéit férdere. D'Zil ass et, den Horizont vun de Kanner z'erweidern a Stereotypen ofzebauen.
- Schüler, déi spezifesch edukativ Besoinen hunn oder speziell Besoinen hunn no enger inklusiver Approche begleeten duerch spezialiséiert I-EBS Léierpersonal.
- Formatiounen fir d'Enseignanten am *Précoce* an an der Primärschoul.
- Formatiounen fir d'Educateuren an d'Educatricen aus eisem SEA, wéi beispillsweis *Éischt Hëllef fir psychesche Gesondheet*, *Die Rolle des Erziehers*, *Spielgestaltung* (4-12 Joer), *Éischt Hëllefscours*, asw.
- Formatiounen fir d'Personal vun der Gemeng Suessem, wéi beispillsweis den *Design4All*, a *La communication dans le cadre de la diversité*.
- D'Chancëgläichheet férdere duerch déi alljärelech Babysitterformatioun fir weiblech a männlech Babysitter an Zesummenaarbecht mat de Partner vum *Service à l'Égalité des chances et Diversité*.
- Aktivitéite mat der *Eltereschoul Janusz Korczak* (Konventioun).
- Formatiouns- an Informatiounsowenter fir d'Famillieliewen an d'Aarbecht besser ze vereinbaren, an en Informatiounsowend fir zukünfteg Eltere mat der a.s.b.l. *Initiativ Liewensufank* beispillsweis.
- Internationalen Dag vun de Fraen an Internationalen Dag vun de Männer.

10

Artikel 14

D'Gesondheet


D'Gemeng Suessem engagéiert sech fir gesond Liewensstiler fir Fraen, Männer an all aneren ze promovéieren. Mat hirer Participatioun un der *Semaine de la Santé Mentale*, organiséiert vun der *Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale*, ënnerstëtzt vum Ministère de la Santé, kënnt den Aspekt vun der mentaler Gesondheet bei dee vun der physischer Gesondheet dobäi.

OBJEKTIVER

- Mental a physesch Gesondheet an Hygiène promovéieren.
- Sensibiliséieren an informéieren iwwer déi verschidde Krankheeten, déi Fraen a Männer kënne kréien.

MOOSSNAMEN

- Participatioun un der *Semaine de la Santé Mentale* duerch verschidden Aktiounen (Kommunikatiounen an / oder Eventer).
- Organisatioun vun enger Aktioun iwwer d'Lipoedem Krankheet, déi haaptsächlech Frae betrëfft, z. B. am Kader vum Welttag vum Lipoedem.
- Organisatioun vu verschiddenen Aktivitéiten oder Kommunikatiounen fir méi iwwer verschidde Krankheeten ze sensibiliséieren, déi haaptsächlech Frae kréien, wéi beispillsweis Kriibs un den Eeërstäck, Broschkriibs, asw.
- Organisatioun vu verschiddenen Aktivitéiten oder Kommunikatiounen fir méi iwwer verschidde Krankheeten ze sensibiliséieren, déi haaptsächlech Männer betreffen, wéi z.B. Prostate-Kriibs, Hodekriibs, asw.
- Organisatioun vu verschiddene Sensibiliséierungsaktiounen oder Kommunikatiounen am Kader vu Weltdeeg iwwer verschidde psychesch a kierperlech Krankheeten, déi d'Populatioun beaflossen.
- Sensibilisatioun fir d'Thematik vun der Kierper- an Zännhygiène an de Schoulen / dem *Service d'Éducation et d'Accueil* (SEA).



11

Artikel 16

Kannerbetreuung

D'Gemeng Suessem stellt Kannerbetreuungsstrukturen zur Verfügung fir et den Elteren z'erlaben hiert berufflecht, ëffentlecht a privat Liewen z'arrangéieren. Zudeem engagéiert sech de Service d'Éducation et d'Accueil (SEA) fir eng ëmfaassend qualitativ an inklusiv Kannerbetreuung unzëbitten, déi d'Gläichberechtegung tëschent de Geschlechter garantéiert.

OBJEKTIVER

- D'Offer vum Service d'Éducation et d'Accueil (SEA) vun der Gemeng erweideren.
- Eng inklusiv Pedagogik garantéiert d'Participatioun vun alle Kanner am SEA an an de Vakanzenaktivitéiten.
- D'Applizéiere vun de véier allgemenge pedagogesche Prinzippien: Individualiséierung an Differenzéierung, Diversitéit, Inklusioun a Méisproochegkeet.
- Integratiounsmesuren ëmsetzen.
- Eng Rei vu psychomotoreschen, kulturellen a perséinlech Aktivitéiten ubidden, déi d'Entwécklung fërderen.
- Strukturen déi de Besoine vun de Kanner gerecht ginn.
- D'Offer vun engem qualitativem Encadrement vun de Kanner.
- Gläichberechtegung fërderen.
- Eng gesond Ernährung ubidden.

MOOSSNAMEN

- Erweidere vun der Unzuel vu Plazen an de Maisons-Relais, duerch nei Strukturen, déi opgebaut oder geschafe ginn.
- Adaptéiere vun der non formeller Educatioun un d'Kapazitéiten an d'Interesse vun de Kanner.
- Beuechte vun der Diversitéit vun de Kanner, déi aus verschiddene spezifeschen an diverse Situatiounen kommen, mat Hëllef op d'Respektéiere vun all Mënsch.
- D'Ekip *Inclusioun* këmmert sech ëm Kanner mat spezielle Besoine fir datt si esou vill ewéi méiglech an d'Gruppeliewen integréiert sinn an hiert Potenzial entwéckelen.
- Reegelméisseg Eechangen tëschent der Ekip *Inclusioun* an externe professionellen Associatiounen, wéi beispillsweis *PAMO* (Projet d'action en milieu ouvert), *La Main Tendue*, *Asbl Angela*, *Asbl Alive Plus*, *Service F.A.M.I.L.*, *le service RASE* (Relais d'Accompagnement Socio-Educatif), asw.
- Kanner vu Flüchtlingen an der Maison Relais integréieren.
- De Prinzip vun der Méisproochegkeet an dem Multikulturalismus applizéieren, fir de Kanner an de Mataarbechter·inne vun de Strukturen aus der Gemeng d'Prinzipie vum Respekt an der Nosiicht méi nozebréngen.
- D'Lëtzebuerger Sprooch fërderen an de Kanner e gläichberechtigt Zesummeliewen tëschent Lëtzebuerger·innen an Ausländer·innen ze erméiglechen.
- Offréiere vum *Sportsprojet*, un deem iwwer 150 Kanner pro Woch deelhuefen, mam Zil d'Kanner fir de Sport ze begeeschten.
- Verschidde Strukturen hunn, wéi eng *Salle psychomotrice*, en *Airtramp*, eng Kloterhal an eng Schwämm beispillsweis.
- Offréiere vun Aktivitéiten fir e Sënn fir d'Ästhetik, d'Kreativitéit an d'Konscht ze erwächen.
- En *Theaterprojet* offréiere fir d'Kanner ze encouragéieren fir virun hire Frënn opzetrieden a méi Selbstvertrauen ze gewannen.
- Eng *Bëschrèche* fir d'Kanner opbauen.
- Eng positiv Bezéiung mat den Elteren opbauen op Basis vum Dialog an Informatiounsaustausch.
- Oppassen, dass e Gläichgewicht tëschent Spillsaachen, Medien asw. fir Meedercher a Jonge besteet.
- Kachatelieren organiséieren fir d'Kanner z'encouragéieren eng gesond lessgewunnecht ze kréien.

12

Artikel 18

Déi sozial Inklusioun

D'Gemeng Suessem fërdert d'Inklusioun vu sozial marginaliséierte Persounen an erkennt un, datt d'Besoinen vun de Fraen a Männer an all anere sech ënnerscheede kënnen.

OBJEKTIVER

- Op d'Thematiken vun den LGBTIQ+ Communautéiten sensibiliséieren.
- Ënnerstëtze vun elengerzéienden Elteren.
- Promotioun vun der Inklusioun vu weiblechen a männlechen Migranten a Flüchtlingen.
- Asetze fir d'Reinsertioun an d'Berufswelt.

MOOSSNAMEN

- Participatioun un der *Luxembourg Pride Week* organiséiert vu *Rosa Lëtzebuerg*.
- Visualisatioun vun der Gemeng Suessem hirem Engagement fir d'Visibilitéit fir d'LGBTIQ+ Communautéiten duerch d'Ophänke vun de Pride-Fändelen an d'reeboufaarweg Belichtung vum Gemeengegebai am Kader vun der *Luxembourg Pride Week*.
- Organisatioun vun enger Informatiounskonferenz fir gläichgeschlechtlech Koppelen, déi iwwerleeën e Kand z'adoptéieren.
- Sensibiliséierungscampagnë fir jonk Leit, déi hire *Coming Out* nach net bei hiren Elteren haten, an Zesummenaarbecht mat *Rosa Lëtzebuerg* an / oder *Cigale*.
- Aktivitéiten organiséiert vun der Integratiounskommissioun ewéi dat Järlecht *Colorissimo-Event*.
- Organisatioun vun engem Informatiounsowend iwwer Scheedung respektiv Trennung.
- Organisatioun vun engem Informatiounsowend iwwer d'Reinsertioun an d'Berufswelt.

13

Artikel 22

Geschlechtsspezifesch Gewalt

Am Kader vun der *Orange Week*, gëtt d'Gemeengegebai all Joer als Zeeche géint d'Gewalt géint Fraen a Meedercher orange belicht.

OBJEKTIVER

- D'Bierger·innen iwwer d'Hëllef, déi d'Gemeng ubitt, informéieren.
- Sensibiliséierungscampagnë géint geschlechtsspezifesch Gewalt.

MOOSSNAMEN

- Participatioun un der *Orange Week* organiséiert vum *Conseil National des Femmes du Luxembourg* (CNFL) an Zesummenaarbecht mam *Zonta International*, ënnerstëtzt vum *Ministère de l'égalité entre les femmes et les hommes*.
- Visualisatioun vun der Gemeng Suessem hirem Engagement géint geschlechtsspezifesch Gewalt duerch déi orange Belichtung vum Gemeengegebai am Kader vun der *Orange Week*.
- Organisatioun vun enger Konferenz iwwer e spezifesch Thema am Zesummenhang mat der Gewalt géint Fraen, Meedercher, Männer a Jongen aus all den Alterskategorien.
- Sensibiliséierungscampagnë géint sexuell Gewalt.
- Organisatioun vun Aktiounen géint psychologesche Gewalt a géint geeschtleg Belästegung.



